Or, ech sinn der Meenung, dass déi Leit, déi ausserhalb vum Beruff aktiv sinn, meeschtens déi sinn, déi och Initiativgeescht am eigentleche Beruffsliewe weisen. Et geet also och drëm, Iwwerzeegungsaarbecht ze leeschte bei de Betriber selwer, eng nei Betribskultur ze schafen, wou de Bénévolat voll integréiert gëtt, an eventuell och duerch incitativ Moossnamen d'Betriber ze encouragéieren, op deen dote Wee ze goen, sief dat iwwert de Remboursement vun engem Congé spécial, sief et duerch steierlech Moossname fir déi Betriber, déi e besonneschen Effort an deem dote Beräich maachen. Dat alles sinn nëmmen Iddien, mä et ass, mengen ech, en Thema, dat hei zu Lëtzebuerg nach net beréiert ginn ass, wou et wichteg wär, Iwwerzeegungsaarbecht ze leeschten.

Da bestinn am Ausland, wann een d'Literatur duerchliest, och nach eng Rëtsch aner Iddien, wou ee kéint déi Erfahrungen, déi déi éierenamtlech Tätegkeet engem Jonken oder engem méi Eeleren och gëtt, probéieren ze valoriséieren duerch zum Beispill Kompetenznoweisung, duerch Certificaten, wou een eben eng Kompetenz noweist, déi een an der praktescher Erfahrung vu senger éierenamtlecher Tätegkeet kritt huet. Mir sinn da schnell am Beräich vun der sougenanntener informeller Formatioun, ewech vun deem Diplomsystem, wou mer dra sinn.

Et muss een och unerkennen, als Gesellschaft, dass et eben Erfahrungen, Experienze gëtt, déi wuel sou wäertvoll si wéi en Diplom an eigentlech net valoriséiert ginn, well se keng Unerkennung fannen. Och do gëtt et Usätz am Ausland vun esou Experienzen. Am Service volontaire pour jeunes ass et usazweis mat dran, an et wär wichteg, wann een déi doten Experienzen nach kéint e bëssen ausdehnen an och iwwert deen dote Wee eng gesellschaftlech Unerkennung vun deem Engagement bénévole kréien.

Ech kommen op déi zweet Achs ze schwätzen, déi vun der Noutwendegkeet vun enger méi grousser Disponibilitéit. Och do gëtt et haut schonn eng Rei vu Méiglechkeeten, mä och do kéint ee sech eigentlech méi e grousse Sammelsurium vun Texter, méi eng Verschiddenheet vu Regele kaum virstellen. Dat si Gesetzer, déi op d'70er, op d'80er an deelweis nach op d'90er Joren zréckginn, wou eenzel Secteuren ofgedeckt sinn, anerer guer net. Zum Beispill kënnen Associatiounen, déi sech reng am Sozial- oder am Ëmweltberäich engagéieren, net an de Benefiss vun engem spezielle Congé kommen, während anerer Associatiounen an anere Beräicher dat kënnen, natierlech all Kéiers no anere Regelen.

Do, mengen ech, sollt een emol probéieren, eng allgemeng Regelung ze schafen, déi allgemeng gutt wär fir de Bénévolat, an donieft dann nach spezifesch fir déi eenzel Secteuren, wa sech do konkret aner Problemer stellen, eng Adaptatioun vun deene Regele virzehuelen, fir dass déi och an deenen eenzelne Secteure wierklech kënne gräifen.

Dat war och den Ursprung vun där Initiativ, déi ech séngerzäit als Jugendminister geholl hat, fir en Avantprojet de loi iwwert d'Aféierung vun engem Congé associatif ze presentéieren, déi ech elo erëm ophuelen als Deputéieren, well - dat muss ech éierlech soen - ...

(Interruption)

... mer zu Ouere komm ass, dass dës Regierung ...

(Interruption)

... décidéiert huet, am Abrëll vun dësem Joer, dee Moment, wou se meng Demande d'interpellation virleien hat, dass keen neie Congé méi dierft am Domaine associatif agefouert ginn.

Dat ass natierlech eng éischt Fro, déi ech un d'Mme Minister stellen, ob dat sou ass; dat aus där Ursaach, fir dass déi Diskussioun net ënnert den Dësch gekiert gëtt, mä dass mer se öffentlech féieren.

Dofir deponéieren ech hei dës Proposition de loi an der Chamber, wou et mer drëm geet, net en totale Broch mat deem ze maachen, wat do ass, mä eng Gläichheet hierzestellen tëschent alle Secteuren, wou éierenamtlech Tätegkeet gemaach gëtt. Déi huet fir mech alleguer deeselwechte Wäert. Et sollt ee mat Diskriminatioun vun eenzelne Secteuren ophalen, déi vläicht e bësse méi onbequem si wéi anerer, an och eng gewëssen Erliichterung vun deene méi technesche Regelunge vum Congé éducation aféieren, fir dass de Krees vun deene Leit, déi kënnen dovu profitéieren, méi grouss gëtt.

Déi heite Proposition de loi geet och a Richtung vun der Aféierung - wat a Frankräich scho besteet - vun engem Congé représentation, dat heescht dass déi éierenamtlech Täteg, déi e berufflechen Engagement hunn, fräigestallt ginn, ënner gewëssene Konditioune selbstverständlech, fir un offizielle Sitzungen deelzehuelen. Mir hunn eng Rëtsch Leit, déi, well se Knowhow hunn, genannt gi vum Stat, vun de Gemengen a konsultativ Instanzen, déi eigentlech awer net konnte fräigestallt ginn an hiren eegene Congé hu missen huelen, fir a sou Gremie sëtzen ze goen, et sief dann, se kommen aus bestëmmte Secteuren, wou dat méi einfach ass. Dat ass net richteg, an do misst zousätzlech e Schratt a Richtung Unerkennung vum Éierenamt gemaach ginn.

4. Dépôt d'une proposition de loi

Dofir dës Proposition de loi, déi ech hei deponéieren, wou ech och frou wär, wa mer deemnächst eng Kéier hei an der Chamber kéinten driwwer diskutéieren:

- *proposition de loi 4734 portant institution d'un congé associatif*